



gaange sinn an dass méi Fäll e bësse bei allem kommen.

Et ass besonnesch, an do kommen ech herno nach eng Kéier drop zrëck, déi sechst Fro ass eigentlech déi wichtegst, wat mer gedenken ze maachen. Besonnesch bei allem, wat Jugend ass, ass et wierklech massiv an d'Luucht gaangen, an do brauch ech herno e bësse méi laang Zäit, fir e bëssen op déi Froen do anzegoen. Awer och déi aner hu méi Aarbecht. Also, iwwerall ass do méi Aarbecht erukomm, méi Dossieren, déi erakommen. Da sinn natierlech eng Partie aner Problemer insgesamt um SCAS, mä déi huelen ech herno, wann ech e bëssen op d'Zukunft ze schwätze kommen. Ech wëll emol fir d'Éischt den Ist-Zoustand maachen.

Da kënnt eng witzeg Fro: Weess de Parquet général dovunner Bescheed? Also, wësst Der, wann de Parquet général net dovunner Bescheed wësst, dann hätt ech Problemer mam Parquet général, well de SCAS ënnersteet dem Parquet général. An duerfir kënnt Der och dat do ëmmer liesen an all Rapport d'activité. Och elo nach an deem, dee mer elo viru kuerzem am März deponéiert hunn, stinn déi doten Zuelen all dran, a steet och eben dran, dass et an d'Luucht gaangen ass par rapport zu de Leit, an dat weess och de Justizminister.

Wat wëllt de Justizminister maachen? Da soen ech lech, dass et éischters verschidde Saache gëtt: Mir hunn d'Victimen a mir hunn de SCAS, an am SCAS virun allem d'Jugend. Ech fänke mat de Victimen un.

Ech si kee Frënd, fir ze soen, wa mer e Problem hunn, mussen mer ebe méi Leit astellen. Well ech kommen nach op de Problem vu méi Leit astellen. Déi sinn nämlech och reell. Do kommen ech herno besonnesch beim SCAS nach eng Kéier drop zrëck.

Mir müssen eis och d'Fro stellen iwwert dat, wat mer vu Gesetzter hunn a wat d'Gesetzter mat sech bréngen. Dat Victimesgesetz, do wësst Der, dass do laang an dëser Chamber dru geschafft gouf, dass notament, wat Parquet a Parquets généraux ubelaangt, souguer mat deem neie Gesetz, wéi et ofgaangen ass. Et goufen an der Chamber ganz vill Froe gestallt. A mir stellen och fest, dass am Praktischen eng ganz Partie Froe kommen. Zum Beispill ass nach ëmmer en Ënnerscheed juristescher Natur Victime a Partie lésée, fir nëmmen dat Beispill ze nennen, mir hunn der nach ganz vill.

Dat heescht, ech sinn och Demandeur, wann elo deen neie Procureur général ernannt ass, fir eng Kéier ze kucken: Wéi maache mer eng Evaluatioun vum Victimesgesetz? A wat sinn iwwerhaapt déi Mesuren, déi mer kënne maachen, fir iwwerhaapt beim Victimesgesetz ze goen? Well eleng elo nëmmen e Service opzestocken, domat hu mer net all déi Problemer geléist, déi am Victimesgesetz sinn.

Richtig ass, et ass nach net laang a Kraaft; richtig ass awer och, dass eng Partie Saachen, déi virausgesot goufe vu Problemer, dass déi sech awer méi wéi wahrscheinlech amgaang si seriö anzustellen, sou dass mer solle schonn eng Evaluatioun vun deem Victimesgesetz maachen, an deemno wéi et ass, dann och e Plan d'action do awer esou séier wéi méiglech maachen, well mer net dovunner ausginn, dass manner Leit sech an Zukunft mellen, sou dass déi Fro bleift.

Beim SCAS si verschidde Problemer do. Deen éischten ass deen, wat eigentlech kee Problem ass - eng gutt Saach -, mä wat awer heiansdo erkläert, dass net jiddwereen éiweg bleift, dass de SCAS eng Verwaltung ass, wou et net einfach ze schaffen ass, opgrond vun deem, wat een do ze schaffen huet.

Mir hunn och beim SCAS eppes gemaach, wat - soen ech elo dann och mat menger Kap vu Fonction-publique-s-Minister - soll zukünfteg Reformen och virhuelen, e Pilot-projet, fir wierklech eng Gestion par objectif ze maachen. Well mer och feststellen, dass deen ee méi laang Zäit brauch, deen anere manner laang Zäit brauch bei engem Dossier, woubäi een och ëmmer muss wëssen, dass net all Dossier gläich ass. Et gëtt Dossieren, déi einfach sinn, Dossieren, déi net einfach sinn, mä et gëtt awer Erfahrungswärter.

Do gëtt also och versicht, fir op e gewëssenen, fir och ze soen, ier dass mer gäre Leit bäi hätten, mussen mer och kënne seriö schaffen, eis selwer Gestion par objectif ginn, och soen: Wat mussen mer maachen, wat mussen mer net maachen? Do kann ee Saache maachen, déi een net muss maachen, aner Saache bleiwe vläicht leien. Do huet dee Service sech dohinnergesat, fir dat ze maachen. Dat erkläert natierlech, bréngt natierlech mat sech, dass dann och Stress entsteet, wann ee wierklech wëllt Gestion par objectif maachen.

Derbäi kënnt iwwerall, an do kommen ech elo dorop zrëck, dass et ganz schwierig ass, där dote Leit ze rekrutéieren. Well, wann ee vun der Schoul kënnt, ass een net onbedéngt gëeigt, fir déi doten Aarbecht ze maachen. Wann een en Educateur gradué ass, e Psycholog ass, en Assistant social ass, fir och elo vun deene meeschte Leit hire Formationen ze schwätzen, déi jo à la base sinn, ass net jiddwereen, deen haut vun der Schoul kënnt, muer do wierklech gëeigt, dat ze maachen, sou dass et ëmmer schwierig ass, och wann nei Posten ausgeschriwwen ginn, der ze fannen, respektiv lafen der och ëmmer fort, well se da soen: „Majo, eigentlech ginn ech hei net glécklech, ech gi léiwer op eng aner Plaz.“ Dat ass also och alles hannendrun.

Richtig ass, dass mer wëllen och do déi Servicer opstocken. Ech sinn amgaang an deem ganze Justizministère. Do kënnt drëppechweis eran, wat déi verschiddenst Verwaltungen vu Besoinë mer umellen. Dat gëtt ganz vill. Et ass et jo net dran, dass een dat mam Numerus clausus a Krisenzäiten alles ka maachen, wat ee sech ka virstellen. Mir sinn amgaang alles opzeschlüsselen, wat mer mengen, wat wichtig ass.

An ech kommen op ee Secteur, dee mer besonnesch um Häerz läit: Et ass dee vun de Jonken. Ech mengen, mir haten an enger Chamberskommission eng Diskussion iwwert déi puer nach Mineuren am Prisong. Mir hu ganz vill Problemer och zu Dräibur - ech schwätzen do fir meng Kolleginnen, d'Madame Delvaux an d'Madame Jacobs, mat. A mir sinn amgaang - meng Note ass scho fäerdeg, déi aner kommen no -, mir sinn amgaang, all déi verschidde Ministère Noten ze maachen iwwert d'Problemer vun der Jugendleche mat Schwierigkeeten.

Also, hei schwätze mer vu Schwierigkeeten, dat ass eigentlech en - jo - Euphemismus, deen ech hei gebrauchen. Ech kéint méi wäit goen. Well mir hunn ëmmer méi... ech mengen, dat wor viru kuerzem e Problem, Gewalt an de Schoulen an esou weider. Mir hunn ëmmer méi Jugendlecher, déi ganz schwierig sinn, a wou een net einfach se just kann aus der Schoul erausgeheien oder iergendwou aspären an esou weider.

Do ass Dräibur gefuerdert, do ass de Prisong gefuerdert. Ech hoffen, de Prisong ëmmer manner, also sinn ech iwwerhaapt net méi gefuerdert. Do ass de SCAS gefuerdert, do sinn d'Schoule gefuerdert. Mir wëlle virun allem, wat ebe Strukturen vu Justiz respektiv vun Dräibur an anerer op deem doten Niveau ugeet, déi dräi Ministere wëllen deemnächst an d'Regierung goen an do hir Problemer op den Dësch leeën a kucken, ob een do kéint kuerzfristeg Léisunge fannen, zu deenen dann och en Opstocke vum Personal gehéiert.

Wat d'Regierung decidéiert, Dir wësst, den Numerus clausus, dat ass eng Regierungs-saach. Kee Minister huet leider esou eng Enveloppe, wou e ka soen, elo kritt deen een, da kritt deen aneren der. Ech mengen, dass dat doten eng Diskussioun ass, déi wichtig ass.

Ech soen lech awer nach eng Kéier, dass viles hannendrunhänkt, net nëmme Personal, mä ech soen lech dat och, well ech elo als Fonction-publique-s-Minister dat méi gesinn. Et gëtt eng Partie Carrièren, an déi doten, déi mer hei genannt hunn, sinn déi, wou et och, wann ee Posten huet, an ech gesinn dat iwwerall, et schrecklech schwierig ass, och nach déi Posten, wann ee se bis huet - et ass scho schwierig, se ze kréien -, a wann ee se bis huet, dann ass et nach méi schwierig, se ze besetzen, se gutt ze besetzen a se dann och nach ze erhalen. Et fënnt een der ëmmer, déi mat Begeeschterung, och wa

se net vill schoulesch drop virbereet sinn, deen doten Job maachen, mä et ass en Job, dee Berufung verlaangt, wat iwwert d'Berufsformatioun selwer erausgeet.

► **M. Xavier Bettel (DP).** - Här President, esou wéi d'Reglement et virgesäit... Den Här Minister huet elo just e Sujet abordéiert, dee fir eis och ganz wichtig ass, dat ass dee vun der Jeunesse en détresse, esou hu mer se deemools och genannt hei an der Chamber.

Ech si frou, d'Madame Frank hat deemools ënnert der Presidentschaft vun der Madame Frank an dem Här Weiler, als Jeunesse en détresse wor, e Pabeier preparéiert. Ech wär frou, ech hat dat och schonn e puermol gefrot, wann deen nees eng Kéier kéint gekuckt ginn. Da kéint een deen och mam Ministère eng Kéier kucken, well do wore Propositionen dran. Si si leider ganz vill Lettres mortes bliwwen, an ech sinn iwwerzeegt, dass ee mat lech vläicht do kann an déi richteg Richtung goen.

Ech wollt lech just froen, Här Minister, Dir hutt elo gesot mat der Jugend, dat wär e wichtegt Thema fir lech, mä ech hunn et elo net kloer kritt, well de SAV, sou wéi dat genannt gëtt, de Service aux victimes këmmt sech am Moment jo ëm d'Enquêtes, alles wat Jugendschutz ass. Ass elo awer gewéilt - Dir hutt gesot, Dir géift och mam neie Procureur général zesumme kommen -, fir ze kucken, eng Léisung ze fannen, an driwwer ze diskutéieren, fir Amélioratiounen ze fannen? Wéi ass et dann elo?

Bleift dee beim SAV rattachéiert, de Jugendschutz, déi Enquêtes? An dann: Wëllt Der elo awer à court terme kucken, fir déi Situatioun ze amélioreréieren oder net?

► **M. le Président.** - Här Minister, wann ech gelift.

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.** - Also, ier dass ech ufänken administrativ Servicen ze reforméieren, déi dem Procureur général ënnerstinn - mécht de Justizminister net ouni de Procureur général -, wëll ech emol fir d'Éischt wëssen, wat dann d'Possibilitäte vu Renforcement sinn opgrond vun de Possibilitäte vu Renforcement, déi d'Regierung eis kéint ginn. Da kënne mer och kucken, wéi mer dat administrativ ëmänneren, mä ech komme gären an d'Chamberskommission duerno fir den Detail. Ech mengen, Dir musst verstoen, dass eng administrativ ëmännerung vun enger Verwaltung fir d'Éischt muss mat der Verwaltung, och mat der Verwaltung selwer diskutéiert ginn.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Justizminister. Domadder wäre mer um Enn vun där Question avec débat.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 6105, enger Direktiv iwwert d'Ëmsetze vum Programme INSPIRE an dat nationaalt Recht. D'Riedezäit ass nom Basismodell agedroen. Et huet bis elo kee Riedner sech agedroen, dat heescht, datt den honorabelen Här Rapporteur, den Här Gilles Roth, eis elo alles am Detail wäert erklären. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

3. 6105 - Projet de loi portant transposition de la directive 2007/2/CE du Parlement européen et du Conseil du 14 mars 2007 établissant une infrastructure d'information géographique dans la Communauté européenne (INSPIRE) en droit national

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Gilles Roth (CSV), rapporteur.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mat dem Gesetzesprojet 6105 setze mir déi sougenannten INSPIRE-Direktiv an nationaalt Recht ëm. D'Direktiv staamt aus dem Joer 2007, a mir hätte se eigentlech scho misse virum Mee d'lescht Joer ëmgesat hunn.

Zu deem Ganzen awer e puer Präzisatiounen. Éischters, ëm wat geet et? INSPIRE ass eng Ofkierzung a steet fir Infrastructure for spatial information in Europe. Sënn an Zweck vun der Direktiv ass, d'Sammelen an den Austausch vu

geographeschen an Ëmweltdaten ze harmoniséieren, fir domat eng europäesch Dateninfrastruktur ze schafen. D'Informatiounen müssen dofir ënner enger bestëmmter elektronischer Form disponibel sinn. Domadder si se méi einfach zougänglech a kënne ënnerenee verbonne ginn. Dovunner profitéieren d'Bierger an d'Wirtschaft, awer och déi öffentlech Verwaltungen a Servicer an de jeeweilege Memberstaten.

Ëm wat fir eng Daten handelt et sech dann elo genee? Et sinn Daten, déi direkt oder indirekt mat der Ëmwelt ze dinne hunn. Dat geet vun einfache Kaarte mat Uertschaftsnimm, Verkéiersnetzer, Héichtenindikatiounen, lokal a regional Grenze bis zu Analyse vun der Loft-, der Waasser- an der Buedemqualität, der Biodiversitéit, der Geologie, de Biotoper an anere Schutzgebieder.

Mä et geet och ëm méi sensibel Donnéeën, zum Beispill d'Verdee vum der Bevölkerung mat Indikatiounen iwwert d'Opkommisse vu verschiddene Krankheete wéi Allergien, Kriibs, Otemkrankheiten, déi direkt oder indirekt mat der Qualitéit vun der Ëmwelt a Verbindung bruecht kënne ginn. Kadasternummere kënnen zum Beispill iwwert de System gekuckt ginn, mä et gëtt awer keen Op-schloss iwwert den Numm vun dem Propriétaire. Dofir muss nach ëmmer eng Demande un de Kadaster gestallt ginn.

D'Direktiv schléisst och den Zougang zu verschiddenen Daten aus. Dat spillt zum Beispill fir Informatiounen iwwert de Secret défense, déi öffentlech Uerdnung, grad wéi Informatiounen, déi Geschäfts- oder Betribsgeheimnisser concernéieren, oder Informatiounen, wou Urheberrechter, also eng Propriété intellectuelle, drops leien. D'Lëscht vun den Ausnahmen ass, wéi gesot, an dem Gesetz opgefouert. Si ass déiselwecht wéi am Gesetz vun 2005 iwwert den Zougang vun den Informatiounen am Ëmweltberäich.

Wie muss dann elo déi Daten zur Verfügung stellen? Mä all öffentlech Autoritéit. Dat ass bei eis de Stat, d'Verwaltungen, staatlech Servicer, mä och zum Beispill Établissements publics vum Stat. Dorënner falen och d'Gemengen, d'Gemengesyndikater a souguer Entreprises a Privatpersounen, mä nëmmen, wa si öffentlech Servicer fir de Stat oder eng Verwaltung erbréngen.

D'Direktiv verlaangt net, dass nei Date müssen erhuewe ginn. Si applizéiert sech och nëmmen op déi Daten, déi de Moment digital verfügbar sinn. Daten op Kaarten oder Pabeierform müssen deemno net digitaliséiert ginn.

Et sinn och nëmmen déi Date beträff, wou d'Opstellen duerch e Gesetz oder e Règlement virgesinn ass. Domadder gëtt och dem Schutz vun den Urheberrechter Rechnung gedroen. Eng Privatpersoun kann ënner Ëmstänn dem System digitaliséiert Daten zur Verfügung stellen, si decidéiert awer eleng, ob dës Daten dann öffentlech zougänglech sinn oder net. Mä wann Daten digitaliséiert sinn, müssen d'Memberstaten, also mir och hei zu Lëtzebuerg, derfir suergen, dass dës Daten an Zukunft INSPIRE-konform sinn. Domat kënnen dës Donnéeën tëschent de Memberstaten ausgetosch ginn.

An der Finanzkommissioun gouf d'Fro opgeworf vun de konkreten Obligatiounen, déi besonnesch d'Gemenge betreffen. Et kommen am Prinzip keng nei Aufgaben op d'Gemengen zou. Déi Daten, déi d'Gemenge bis elo opgrond vun engem Gesetz oder Règlement oder enger Instruktioun hu missen digitaliséieren, ginn duerch de System INSPIRE-konform gemaach.

Wéi ginn déi Daten dann elo konkret verfügbar gemaach? Mä iwwert den Internet. Hei kann all Bierger d'Daten nosichen, kucken oder eroflueden. All Land muss seng jeeweileg Donnéeën dofir INSPIRE-gerecht digitaliséieren. Doduerch kënnen dann, och ähnlech wéi bei enger Suchmaschinn, Daten oder Déngschter méi einfach fonnt ginn.



Wien ass dann hei am Land fir den INPIRE zoustänneg? Mä dat ass d'Kadasterverwaltung. All d'Donnéeë ginn hei am Land iwwert de Geoportail national du Grand-duché de Luxembourg zur Verfügung gestallt. Dësen Internetsite ass schonns opérationnel a séier impressionnant. Dir kënnt lech selwer dovun iwwerzeegen, andeems Der geoportail.lu uklickt. Souguer Är Kadasterparzelle mat de jeeweilege Gréissten an d'Notzung kënne bei all Uertschaft gekuckt ginn.

(Interruption)

Jo. De Site geoportail déngt hei am Land gläichzäiteg als technesch Plattform fir d'ILDG, d'Infrastructure luxembourgeoise de données géographiques, wat déi Lëtzebuerger Komposant vun dem INSPIRE ass.

Wat kascht d'Konsultatioun vun deenen Daten? Mä si ass fir de Bierger gratis. Mä dës gratis Konsultatioun respektiv Recherche ass op eng Visualisation op dem Écran limitéiert. Doriwwer eraus kann eng Redevance, also eng Onkäschtebedeelegung, gefrot ginn, an d'Tariffer dovun ginn iwwer e Règlement grand-ducal festgeluecht.

Här President, de Statsrot huet de Gesetzesprojet de 4. Mee dëst Joer aviséiert. Hie mécht eng Rei vun Textvirschléi am Sënn vun enger sougenannter Émsetzung eent zu eent vun der Direktiv. Dës Textvirschléi goufen zum groussen Deel vun der Finanzkommissioun iwwerholl. De Statsrot huet och nach op de Risiko higewisen, dass verschidden Date kéinten Réckschlëss op eenzel Persounen erlaben.

Dat kéint zum Beispill de Fall si vu Gesondheetsdate respektiv Krankheeten a Verbindung mat der Émwelt, wann den Échantillon, dat heescht de Raster vun de Leit, ze enk ausgewielt ass. Et opläit den Autoritéiten, déi esou Donnéeën erfassen a verwalten, fir dat dann ze vermeiden. Och d'Chambre des Salariés, d'Handwerkskummer an d'Chambre de Commerce hunn de Projet aviséiert. Si hu sech allequerte mat dem Gesetzesprojet averstane gewisen.

Här President, zum Schluss, mag dëse Gesetzesprojet wuel éischter eng technesch Allure hunn, en ass awer virun allem fir de Bierger vu konkretem Notzen. D'Finanzkommissioun, déi mat dësem Projet befaasst war, recommandéiert der Chamber dann och, de Projet ze stëmmen. Ech soen de Leit aus dem Finanzministère, Här Minister, Merci fir déi zousätzlech praktesch Erklärungen, déi si der Kommissioun ginn hunn.

Ech gi fir mäin Deel d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - An ech soen dem Här Roth Merci. Wéi mir dat vun him gewinnt sinn, war e méi wéi détailléiert. Et ass näischt méi, mengen ech, soss zu deem Projet de loi ze soen. Ech géif proposéieren, datt mer direkt géifen doriwwer ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6105 ass ugehall mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Félix Eischen), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Marc Lies), Lucien Weiler (par Mme Martine Mergen), Raymond Weydert (par Mme Sylvie Andrich-Duval) et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand

Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Félix Braz);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Als leschte Punkt vun haut de Mëtteg hu mer dann elo eng Aktualitéitsstonn vun der LSAP-Fraktioun iwwert d'Auswäerte vun Aféiere vun de Gesetzer iwwert de Bail à loyer an iwwert de Pacte logement. D'Riedezeit ass nom Artikel 84, zweeten Alinéa vum Chamberreglement festgehalten a gesäit Folgendes vir: Där Fraktioun, déi d'Aktualitéitsstonn ugefrot huet, stinn zéng Minutten zou, deenen anere Fraktiounen jeeweils fënnf Minutten, de Sensibilités politiques zwou Minutten an der Regierung eng Véirelstonn. Et hu sech ageschriwwen: déi Hären Oberweis, Berger, Kox an Henckes. D'Wuert huet elo déi honorabel Madame Vera Spautz als Vertreterin vun der LSAP-Fraktioun.

4. Heure d'actualité demandée par le groupe LSAP sur la mise en œuvre et l'évaluation de la loi du 21 septembre 2006 sur le bail à loyer et de la loi du 22 octobre 2008 concernant le pacte logement

Exposé

► **Mme Vera Spautz (LSAP).** - Här President, Kolleginnen a Kollegen, wou ech mech op dës Heure d'actualité virbereet hunn, hunn ech mer iwwerluecht, ob ech iwwerhaapt eng Ried schreiwe soll. Eigentlech kéint ech dat, wat ech am Kader vun aneren Débaten zum Thema Logement hei gesot hunn, einfach ëmmer erëm widderhuelen. Zum Deel wäert ech dat och maachen.

D'Haaptausrichtung vun eiser Logementspolitik ass, derfir ze suergen, dass d'Wunnen zu Lëtzebuerg fir all Mënsch abordabel ass, dass leeschtbare Wunnraum fir d'Populatioun zur Verfügung steet. Dat war och den Ausgangspunkt vun der Reform vum Mietgesetz am Joer 2006, dat den Invest an d'Mietwunnenge sollt méi interessant maachen, an dem Pacte logement vun 2008, deen eng ganz Rei Mesurë beinhalt, dorënner virun allem eng méi staark Abannung vun de Gemenge bei der Schafung vun neiem Wunnraum.

Wéi gesäit elo d'Situatioun um Wunnengsmaart aus? Zënter 2005 sinn d'Präisser fir de Verkaf vun Haiser am Duerchschnitt ëm 16% méi deier ginn, d'Appartementer souguer méi wéi 20%. Am Rapport vum Ministère du Logement vun 2009 steet, dass d'Zuel vun den Annoncen, wat de Verkaf vun Haiser ugeet, ëm 16% zrëckgaangen ass, fir Appartementer an ähnlech.

D'Situatioun op eisem Wunnengsmaart ass amgaang sech ze veränneren. Dëst awer net zum Positiven! Ëmmer méi Leit sichen no enger Mietwunneng, well si sech déi exorbitant Präisser fir de Kaf vun engem Haus oder Appartement net méi leeschte kënnen. A genau do hu mer e riseg Problem! Och wann zënter kuerzem d'Offer vun de Mietwunnenge liicht an d'Luucht geet, da bedeit dat net, dass déi och nach zu engem bezuelbare Präis verlount ginn.

Wat d'Präisentwécklung um Immobiliemaart nach méi verschäerft, ass de wirtschaftleche Kontext, an deem mer zënter zwee Joer dra sinn. D'Leit hu manner Geld, de Chômage klëmmt, d'Niewekäschten an d'Energiepräisser iwwerfuere souguer den Duerchschnittsverdänger. D'Zuel vun

den Déguerpissementer geet kontinuéierlech an d'Luucht. Ëmmer méi Leit ginn op d'Strooss gesat, wa si a finanziell Enkpäss kommen, duerch Chômage, Iwwerverscheldung, Scheedung a villes méi, an dann net méi fäeg sinn, déi extrem Loyerer ze bezuelen.

Eng ganz Rëtsch vun Déguerpissementer ginn awer och ausgesat oder net vollzunn. Duerfir sinn déi offiziell Zuele vun den Déguerpissementer net déi reell. Si ginn net vollzunn, well d'Leit, ier se aus hirer Wunneng op d'Strooss gesat ginn, probéiere bei der Famill oder bei Frënn ënnerzekommen. Do gëtt et och absolut prekär Situatiounen: Do wunnen da méi Familljen a Leit an enger Wunneng zesummen, déi vun der Surface hier vill ze vill kleng ass. Leit, Familljen a Kanner, déi an der Stuff um Buedem op enger Matratz schlofen, well et nëmmen eng Schlofkummer an der Wunneng gëtt! A parallel zu dëse Problemer wëll ech och do kuerz nach eng Kéier op d'Problematik vun de Cafészëmmeren an de Schlofhändler agoen.

Kolleginnen a Kollegen, ech mengen, dass eng ganz Rei vu politesche Verantwortleche sech nach ëmmer net bewosst sinn, wat fir eng Dramatik sech genau an deem Beräich ofspillt. An och do huet sech näischt un der Situatioun geännert, am Géigendeel. D'Situatioun verschlechtert sech ëmmer weider, an dorunner sinn net eleng déi absolut onverschämten a geldgiereg Vermieter vu Cafészëmmeren schold. Mir droen als Politiker selwer Schold dorunner, well mir et net fäerdeg bréngen, heibanne Gesetzer ze stëmmen, déi och där Form vu mënscheveruechtender Sklaverei - soen ech elo emol ganz provokant - e Rigel virschieben.

(Interruption)

Wann Dir et sot, hunn ech Bedenken.

D'Reform vum Mietgesetz huet bäi Wäitem net zu enger Verbesserung um Wunnengsmaart bäigedroen. Dëst soen nach aner Quellen, ënner anerem d'Caritas an hirem Sozialalmanach. All international Etüde weisen, dass Lëtzebuerg senger Verantwortung am Beräich um soziale Wunnengsbau iwwerhaapt net gerecht gëtt. Op 1.000 Awunner hu mer grad just fënnf Sozialwunnengen hei zu Lëtzebuerg; d'Belsch huet der 26, Holland 47, Éisträich 102.

De Pacte logement, dee mir Enn 2011 seriö evaluéiere sollen, gëtt, an dat ass hei och schonns méi oft gesot ginn, och net déi richteg Äntwerten op dëse Problem. An eigentlech wësse mer dat och schonns elo. Am Rapport vum Médiateur, dee gëschter hei an der Chamber diskutéiert gouf, mécht den Här Fischbach och op dee grouse Problem vum Wunnengsraum zu abordabele Präisser opmierksam a ríft de Stat an d'Gemengen dozou op, hir Verantwortung an dësem Beräich endlech ze iwwerhuelen.

D'Mietgesetz an de Pacte logement si Reformen, déi nëmme kleng Plooschtere sinn. Déi néideg begleedend Mesuren zu deene Gesetzer sinn net an Ugrëff geholl ginn. Jorzéngtelaang ass deen Dossier vu bezuelbarem Wunnraum hei zu Lëtzebuerg verschlof ginn. Spekulation souwéi e gewëssene Clientélismus fir bestëmmte Lobbyisten, déi deem ehemolege Wunnengsbauminister méi nostoung wéi d'Locataires oder déi sozial benodeelegt Schichten an eisem Land, sinn a Rou gelooss ginn a konnte sech eng gëllen Nues u Bauprojeten an Terraine verdéngen.

De private Maart ass net à même, d'Problemer vum abordabele Wunnraum ze léisen, an e wëllt et och net. Wunnen ass kee Spekulationsobjekt. Wunnen ass e Mënscherecht! Mä eben net fir jiddwereen hei zu Lëtzebuerg. An deem Mietgesetz souwéi am Pacte logement si Piste virgesinn oder ugeduecht, déi nëmmen en hallefhäerzege Kompromëss waren.

D'LSAP huet d'Aféiere vun dem Virkafsrecht fir de Stat, d'Gemengen an de Fonds du Logement am Kader vum Pacte logement ausdrécklech begreist. Dëst schaaft d'Méiglechkeet, fir Terraine respektiv Immobilien ze kafen, déi bei gréisseren Urbaniséierungsprojete vum öffentlechen Interessi dréngend gebraucht ginn an un déi si soss net komm wieren. Och hei muss ech awer drop hiweisen, dass déi Form vum Virkafsrecht, déi mir gewielt hunn, e

Kompromëss war tëschent villen ënnerschiddleche Parteien a Partneren.

Wann de Stat oder d'Gemeng oder de Fonds du Logement vun hirem Virkafsrecht wëlle Gebrauch maachen, da mussen si deeselwechte Präis bezuele wéi deen, deen de Verkeefer mat dem potenziellen initiale Keefer am Compromis festgehalten huet. Dat heescht, et gëtt näischt méi ze verhandelen! Domadder spillen de Stat an d'Gemeng d'Spill vun de Spekulateur mat. Wann de Keefer an de Verkeefer sech op engem Verkaufspräis eens sinn, deen eigentlech net der Realitéit entsprécht an ze héich ass, da muss d'öffentlech Hand dat selwecht bezuelen, fir vun hirem Virkafsrecht Gebrauch maachen ze kënnen.

D'LSAP huet sech an den Diskussiounen ëm de Pacte logement derfir agesat, de Verkaufspräis vun engem Terrain iwwer en onofhängegen Expert oder vum Geriicht festleeën ze loossen, zum Beispill nom franséische Modell. Dee Modell hätt et erlaabt, dass d'Gemengen an de Fonds du Logement d'Méiglechkeet kritt hätten, Terrainen zu hirem reelle Wäert ze kafen, an domadder endlech d'Präisser, dat heescht d'Verkaufspräisser op hire reellen Niveau erofzekeären. Dëst hätt der Spekulation an deenen exorbitante Verkaufspräisser wierklech eng Grenz gesat. Dës Fuerderung vun der LSAP ass leider net am Pacte logement berücksichtegt ginn.

Mä och an dësem Fall wäert d'Evaluatioun weisen, dass d'Schrauf beim Droit de préemption méi muss zougezu ginn. En plus mussen mir dann och kucken, ob dat Virkafsrecht net just an der Theorie bestoe bleift, well d'Gemengen d'Suen net hunn, fir matzespillen, besonnesch elo scho guer net méi. D'Gemengen oder d'Majoritéit vun de Gemengen hunn elo schonns Problemer, fir mat de Laaschten, déi de Stat de Gemengen opdréckt, budgetär iwwerhaapt eens ze ginn.

Och wat d'Aféiere vun der Tax spécifique op eidelstehendem Wunnraum ugeet, do huet sech den ehemolege Wunnengsbauminister et einfach gemaach an et de Gemengen opgedréckt, sech deem Problem unzehuelen. Vläch kann den Här Minister Schank eis do soen, wéi vill Gemengen déi Tax bis elo agefouert hunn. Am Virfeld kann ech lech matdeelen, dass déi Escher Gemeng amgaang ass, eng Tax auszeschaffen, déi ufanks nächst Joer agefouert gëtt.

Ech begreissen et ausdrécklech, dass deen neie Wunnengsminister Schank et sech zur Aufgab gemaach huet...

► **M. le Président.** - Den Här Boden wëllt lech eng Fro stellen, Madame Spautz.

► **M. Fernand Boden (CSV).** - D'Madame Spautz huet jo gesot, ech hätt Saachen net wëlle maachen, wéi zum Beispill: De Gemengen hätt ech et fräi iwwerlooss, eng Tax anzeféieren, jo oder neen. Kënnst Dir vläch de Leit wéinstens soen, wien do eng Opposition formelle gemaach huet a wéi d'Saach richteg war.

► **Mme Vera Spautz (LSAP).** - De Statsrot huet eng gemaach. Mir hunn eis iwwer aner Opposition-formellen ewechgesat, Här Boden. Mir hunn eis iwwer anerer ewechgesat!

Ech begreissen et ausdrécklech, dass deen neie Wunnengsminister et sech zur Aufgab gemaach huet, wéi hie sot, de Pilgerstaf an d'Hand ze huelen an an all Gemengen ze goen, fir si vun der Noutwendegkeet ze iwwerzeegen, dass d'Gemengen am Kader vum Pacte logement och an de soziale Mietwunnengsbau investéiere sollten. Dir sidd op ville Plazen am Land opgetrueden, an et sinn eng Rei Gemengen, déi och wëlle matmaachen. Ech fäerten awer, dass, ausser e puer vereenzelt Projeten, leider net dee grouse Worf doraus gëtt.

No deene ville Rieden an Ukënnegunge vu Reformen a Verännerungen an deene leschte Jorzéngten, mengen ech mëttlerweil, dass mer op falsch Piste gesat hunn. Ech mengen, et missten elo endlech déi Mesuren agefouert ginn, déi wierklech wéi dinn. Taxes spécifiques op net bewunnentem Wunnraum oder net bebautenen Terraine missten obligatoresch vum Stat agefouert ginn. D'Verännerung vum Virkafsrecht fir de Stat an d'Gemengen an deem Sënn, dass de Verkaufspräis vun